N°7102
Entrée le 06.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7102 vum 31. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel.**

*Wéi vill Kanner resp. Puppelcher hunn säit Uganks Oktober missten hospitaliséiert gi wéinst dem Virus?*

Zanter Ufanks Oktober an bis den 5. Dezember 2022, sinn an der Kannerklinik 253 Kanner hospitaliséiert ginn wéint enger Bronchiolite. 398 Kanner sinn gesinn ginn an hunn net mussen hospitaliséiert ginn. Doniewent hospitaliséiert och den HRS Kanner mat méi liichten Bronchioliten.

*Wéi vill Capacitéit huet d'Kannerklinik fir Kanner resp. Puppelcher mam RS-Virus kënnen ze hospitaliséieren ?*

D'Direktioun vum CHL huet eng spezifesch Cellule de crise op d'Been gestallt vir méi ee präzisen Suivi vun der Evolutioun vun Bronchiolitefäll kënnen ze maachen. D'Kapazitéiten un Better sinn an den bestehenden Unitéiten duerch duebel Beleeung eropgesat ginn. Fir prioritär Bronchiolitefäll kënnen ze traitéieren, huet den CHL décidéiert fir während enger gewësser Zäitspan geplangt chirurgesch Interventiounen z'annuléieren wann dëst keen Risiko vir d'Kanner duerstellt. Esou kann d'Personal am Hôpital du Jour d'Equippen ënnerstëtzen den Suivi vun Patienten ze maachen déi um Respiratory Syncytal Virus Infektion (RSV) erkrankt sinn.

Et sief notéiert dass 8 zousätzlech stationär Better an der Kannerklinik genehmegt an realiséiert goufen vir esou iwwert eng zousätzlech Kapazitéit während enger akuter Phas ze verfügen.

*Vu datt dëse Virus all Joers em di nämlech Zäit sech verstäerkt verbreet an d'Hygiènesmossnahmen mat dat wichtegst si fir de Virus net ze kréien, gedenkt d'Madamm Ministesch eng generell Sensibiliséierungscampagne ze lancéiere fir d'Leit méi op dëse Virus an seng dach oft geféierlech Konsequenzen opmierksam ze maachen?*

De Gesondheetsministère an d'Gesondheetsdirektioun hunn eng Kommunikatiounscampagne zu dësem wichtegen Thema lancéiert. Esou gouf schonn speziell eng Rubrik um Portail Santé erstallt; ze fannen ënnert www.sante.lu/bronchiolite. Doriwwer eraus erstellt de Ministère Print-Materialen, Materialien fir d'digital Kommunikatioun op de Social Media Netzwierker. D'Campagne ëmfaasst och d'Kommunikatioun per Radiospot. Fir déi verschidde gesellschaftlech Gruppen erreechen ze kënnen, ass et geplangt d'Campagne méisproocheg ze gestalten. D'Société luxembourgeoise des pédiatres huet och Informatiounen ginn fir d'Elteren an d'Kannerbetreiung an den Crèchen am Kader vun enger Pressekonferenz.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert